# “Zesumme staark a frou mat Kapp, Häerz an Hand“



# ONS CHARTA

Um Weier Jeechtstécker Maison Relais

## Sandweiler Grondschoul

# 1.Virwuert

" ONS CHARTA " steet fir e friddlecht, frëndlecht a respektvollt Zesummeliewen.

Zesummen hu mir d'Visioun vun enger gudder Schoul. Dës Visioun ass d'Haaptiddi vun onser Charta.
De Kär vun onser Charta bilden d'Grondwäerter.

An onser Charta si Rechter a Pflichte fir all Bedeelegt festgehalen.
Jiddereen huet Rechter, déi him zoustinn. Jiddereen huet Pflichten, deenen hien nokomme muss.

D'Feelverhale vun enger Persoun bréngt Konsequenze mat sech, well d'Rechter an d'Fräiheete vun deenen aneren ageschränkt ginn. Doraus ergëtt sech d'Noutwennegkeet, fir eng Rei vu Regele festzeleeën.

Dës Regelen ziele fir all d'Partner:
**Kanner, Elteren, Enseignanten, Personal vun der Maison Relais, Concierge an extern Mataarbechter.**

Mir wënschen eis, datt all d'Leit, déi an der Schoul matwierken, verantwortungsvoll dëse Pflichten nokommen, ouni awer hir Rechter ze mëssbrauchen.





Fir den **Enseignant**
bedeit Verantwortung,
an engem
gudden an agreable Klima
Wëssen ze vermëttelen
a perséinlech
a sozial Kompetenzen
ze förderen.



Fir d'**Kanner** bedeit
Verantwortung,
hiert
Beschtméiglechst
ze gi beim Léieren
an an hirem Verhale
vis-à-vis vun
hire Matmënschen.

Fir d'**Elteren** heescht
Verantwortung,
Interessi
un der schoulescher,
perséinlecher
a sozialer Entwécklung
vun hire Kanner ze weisen a
si dobäi aktiv ze ënnerstëtzen.
Fir dës Entwécklung
bidden si de Kanner
di néideg
erzéieresch Grondlag.



Fir d'**Personal vun der Maison Relais**
heescht
Verantwortung,
an engem gudde Klima am
ausserschoulesche Beräich
di perséinlech
a sozial Kompetenzen an
d'Ernährungsbewosstsinn
ze förderen.

# 2.Ons Visioun

Ons Schoul ass eng Plaz, wou jidderee sech wuelfillt, mat Freed schafft, respekt- a verantwortungsvoll mateneen ëmgeet, a wou Kleng a Grouss de Fräiraum hunn, sech zu engem oppenen a (selbst-) kritesche Mënsch weiderzeentwéckelen.





# 3.Grondwäerter vun onser Charta

***Zitater vun de Kanner:***

*„Et ass schéin, wann et roueg ass an der Klass."*

*„Et soll een ëmmer deenen aneren hëllefen."*

*„Mir si wéi eng grouss Famill."*

*„Et soll ee léif matenee sinn."*

*„Déi Grouss passen op eis op."*

*„Zesumme spillen."*



*„...dass de Schoulhaff propper ass."*

*„Eis Frënn"*






„Et ass wichteg, dass mir léif matenee schwätzen."

„Mat de Joffere laachen."



„Mir ginn zesummen an de Bësch."

„Et gefält mir, an der Paus ze spillen."

„ Et soll een ëmmer eng Léisung fannen."

„Et muss ee Moie soen an da froe fir matzespillen."

„Wann een d'Hand gëtt, ass een erëm frou."

„Mir erliewe villes zesummen."

# 4.Wat bedeiten dës Wäerter fir eis alleguer?

- **Respekt** heescht fir ons, datt mir jiddereen, d'Natur an all Géigestänn wäertschätzen.
- **Éierlechkeet** heescht fir ons, datt mir d'Wouerecht soen a fair handelen.
- **Toleranz** heescht fir ons, datt mir jiddereen akzeptéieren sou wéi en ass, mat sengen Iddien a sengen Handlungen, ouni ze uerteelen.
- **Teamgeescht** heescht fir ons, datt mir ons géigesäiteg moralesch a praktesch ënnerstëtzen.
- **Gerechtegkeet** heescht fir ons, datt jiddereen, der Situatioun a sengem Wiesen entspriechend, gläich behandelt gëtt.
- **Disziplin** heescht fir ons, datt mir pénktlech sinn, nolauschteren, ons Aufgabe gewëssenhaft erfëllen an ons un all d'Regelen halen.
- **Verantwortung** heescht fir ons, datt jidderee gewëssenhaft, senger Funktioun entspriechend d'Verantwortung fir sech a säin Ëmfeld iwwerhëlt.




Darf ich bitte ein Stück Butter-brot?
Ja hier Bitte.

# 5. Rechter, Pflichten a Konsequenzen

*All Rechter a Pflichten, déi op de Säiten 10 bis 33 opgezielt ginn, gëlle fir d'Kanner, Elteren, Enseignanten, Personal aus der Maison Relais, Concierge an extern Mataarbechter. D'Konsequenze fir d'Kanner, wann si hir Pflichte vernoléissegen, stinn op dëse Säiten direkt dobäi. Déi spezifesch Konsequenze fir déi erwuesse Leit stinn op der Säit 34.*

## ZESUMME SCHAFFEN

| |
|---|
| Ech hunn d'**Recht**, an engem **rouegen an gudde Klima** ze schaffen an ze léieren.<br><br>Ech hunn d'**Pflicht**, mäi Beschtméiglechst ze ginn, fir pénktlech ze sinn, fir meng Aufgabe gewëssenhaft z'erfëllen a fir zu engem rouegen a gudde Klima am ganze Gebai bäizedroen. |

*Konsequenzen, wann ech meng Pflichte vernoléissegen:*

1. Ech ginn op meng Pflicht opmierksam gemaach.

2. Déi entspriechend Konsequenzen aus de Klasseregele (Schoul) an de Grupperegelen (Maison Relais) ginn ugewannt.

3. Ech denken, mat Hëllef, iwwert mäi Verhalen no a si bereet, doraus ze léieren.

4. Meng Eltere ginn informéiert.

5. Eng héijer Instanz gëtt informéiert.



| |
|---|
| Ech hunn d'**Recht** op ee **frëndlecht an éierlecht Ëmfeld**.<br><br>Ech hunn d'**Pflicht**, „Moien" ze soen, éierlech, héiflech a frëndlech ze sinn. |

*Konsequenzen, wann ech meng Pflichte vernoléissegen:*

1. Déi aner fanne mäi Verhalen net flott.
2. Ech ginn op meng Pflicht opmierksam gemaach.
3. Ech denken, mat Hëllef, iwwert mäi Verhalen no a si bereet, doraus ze léieren.
4. Ech entschëllege mech.


Gergema
Joffer Mersi
Rutschen

Ech hunn d'**Recht** op eng **sécher** Schoul a Maison Relais, wou ech mech **gebuerge fillen**.

Ech hunn d'**Pflicht**, net ze beleidegen, net ze vernennen a kee kierperlech oder séilesch ze verletzen oder ënner Drock ze setzen.

*Konsequenzen, wann ech meng Pflichte vernoléissegen:*

1. Ech ginn a mengem Verhale gestoppt.

2. Ech ginn zur Rechenschaft gezunn, wann ech eng Persoun verletzt hunn.

3. Ech entschëllege mech.

4. Déi entspriechend Konsequenzen aus de Klasseregele (Schoul) an de Grupperegelen (Maison Relais) ginn ugewannt.

5. Ech kréien eng Auszäit.

6. Meng Eltere ginn informéiert.

7. Eng héijer Instanz gëtt informéiert.



Ech hunn d'**Recht,** sou wéi ech sinn, **zu der Gemeinschaft derzouzegehéieren**,
fair behandelt ze ginn an Ënnerstëtzung ze kréien.

Ech hunn d'**Pflicht**, d'Regele vun onser Gemeinschaft anzehalen, kompromëssbereet
a fair ze sinn a jiddereen sou unzehuelen, wéi en ass an no Méiglechkeet Ënnerstëtzung ze ginn.

*Konsequenzen, wann ech meng Pflichte vernoléissegen:*


1. Ech ginn op meng Pflicht opmierksam gemaach.

2. Ech denken, mat Hëllef, iwwert mäi Verhalen no a si bereet, doraus ze léieren.

3. Ech entschëllege mech.

4. Meng Eltere ginn informéiert.

5. Eng héijer Instanz gëtt informéiert.




Ech hunn d'**Recht** op eng **gesond Ernährung** an op déi néideg Informatioun dozou.

Ech hunn d'**Pflicht,** mech gesond ze ernähre fir mäin eegent Wuel an als gutt Beispill fir mäin Ëmfeld.

*Konsequenzen, wann ech meng Pflichte vernoléissegen:*

1. Ech ginn op meng Iessgewunnechten opmierksam gemaach.
2. Ech denken, mat Hëllef, iwwert meng Iessgewunnechten no a si bereet, ee gudde Rot unzehuelen.



# AN ONSE GEBAIER

Ech hunn d'**Recht**, mech **a Sécherheet** an onse Gebaier **ze beweegen**.

Ech hunn d'**Pflicht**, mech virsiichteg a lues weiderzebeweegen, di aner net ze stoussen oder ëmzerennen.

*Konsequenzen, wann ech meng Pflichte vernoléissegen:*

1. Ech ginn de Wee zeréck, fir en da méi lues nach eemol ze goen.

2. Ech entschëllege mech, wann ech ee gestouss hunn.


15 + 3 = 18
25 + 36 =

Ech hunn d'**Recht**, datt **mäin Eegentum onbeschiedegt bleift**.

Ech hunn d'**Pflicht**, d'Eegentum vun deenen aneren ze respektéieren; ech loossen alles propper an onbeschiedegt op senger Plaz.

*Konsequenzen, wann ech meng Pflichte vernoléissegen:*

1. Ech entschëllege mech.
2. Ech maache propper, wat ech knaschteg gemaach hunn.
3. Ech reparéieren  oder ersetzen, wat ech futti gemaach hunn.
4. Ech ginn zeréck, wat ech geklaut hunn.
5. Meng Eltere ginn informéiert.

Ech hunn d'**Recht** op **propper an hygienesch Sanitaire-Installatiounen**.

Ech hunn d'**Pflicht,** d'Sanitaire-Installatiounen an engem propperen Zoustand ze hannerloossen.

*Konsequenz, wann ech meng Pflichte vernoléissegen:*

Ech hëllefen, souwäit wéi méiglech, mäin Dreck wechzemaachen.

*D'Behuelen an den Toilettë gëtt regelméisseg a gutt siichtbar kontrolléiert.*



# AN DER MEDIATHEIK

Ech hunn d'**Recht, Bicher, CDen an DVDen an der Mediathéik auszeléinen** an déi **roueg Atmosphär** ze genéissen.

Ech hunn d'**Pflicht**, d'Material an d'Rou ze respektéieren a mech un d'Regele vun der Mediathéik ze halen.

*Konsequenzen, wann ech meng Pflichte vernoléissegen:*


1. Ech ginn op meng Pflicht opmierksam gemaach.

2. Déi entspriechend Konsequenzen aus de Mediathéiksregele ginn ugewannt.

3. Meng Eltere ginn informéiert.

4. Ech kréie fir eng bestëmmten Zäit näischt méi geléint.

5. Ech däerf, fir eng bestëmmten Zäit, net méi ouni Erwuessenen an d'Mediathéik.



# AN DER TURNHAL

Ech hunn d'**Recht**, **matzeturnen** an all d'**Material**, dat zur Verfügung steet, ze **benotzen**.

Ech hunn d'**Pflicht**, d'Material, dat ech benotzen, onbeschiedegt ze loossen an ze raumen a während den Turnstonne Sportsgezei ze droen.

*Konsequenzen, wann ech meng Pflichte vernoléissegen:*

1. Ech ginn opgefuerdert ze raumen.

2. Ech turnen ouni Sportsgezei net mat.

3. Meng Eltere ginn informéiert.



# AN DE VESTIAIREN

Ech hunn d'**Recht** op e **propperen an opgeraumte Vestiaire**, wou ech mech ongestéiert anescht undoen a meng Kleeder ofleeë kann.

Ech hunn d'**Pflicht**, déi aner Kanner an hiert Material ze respektéieren: ech loossen alles leien an hänken, wat mir net gehéiert an ech hannerloossen de Vestiaire propper an opgeraumt.


*Konsequenzen, wann ech meng Pflichte vernoléissegen:*

1. Ech entschëllege mech.

2. Ech raumen a botzen.

3. Ech ginn zréck, wat ech ewechgeholl hunn an ersetzen, wat ech futti gemaach hunn.

3. Meng Eltere ginn informéiert.


Turnen

# AM SCHOULHAFF

## *Fir d'Schoul:*

Ech hunn d'**Recht** op eng **Opsiicht am Schoulhaff** duerch d'Léierpersonal während de Pausen, 10 Minutte virun an no der Schoul.

Ech hunn d'**Pflicht**, während de Pausen am Schoulhaff ze bleiwen.

*Konsequenzen, wann ech meng Pflichte vernoléissegen:*

D'Police a meng Eltere ginn direkt avertéiert. D'Gemeng gëtt informéiert.

Ech hunn d'**Recht** op eng **flott Zäit am Schoulhaff**, an och dorop, datt ech an der Paus op **d'Hëllef vun de Pausenengelen** ziele kann.

Ech hunn d'**Pflicht**, mech un d'Regele vum Schoulhaff ze halen an op d'Pausenengelen ze lauschteren.

*Konsequenzen, wann ech meng Pflichte vernoléissegen:*

1. De Surveillant schéckt mech an den Time-out.
2. Ech fëllen ee Reflexiounsbou aus.
3. Ech entschëllege mech bei de Pausenengelen.
4. Meng Eltere ginn informéiert.



## *Fir d'Maison Relais:*

Ech hunn d'**Recht** op eng **Opsiicht am Schoulhaff** ausserhalb vun de Schoulzäiten duerch d'Personal vun der Maison Relais, wann ech hei ageschriwwe sinn.

Ech hunn d'**Pflicht**, am Schoulhaff ze bleiwe während menger Betreiung an der Maison Relais.

*Konsequenzen, wann ech meng Pflichte vernoléissegen:*

1. Meng Eltere ginn direkt informéiert.
2. D'Police gëtt avertéiert, an d'Gemeng informéiert.
3. Ech ginn op meng Pflicht opmierksam gemaach.
4. Piwitsch asbl gëtt informéiert, wou weider Konsequenzen decidéiert ginn.

Ech hunn d'**Recht** op eng **flott Zäit am Schoulhaff** während menger Betreiung an der Maison Relais.

Ech hunn d'**Pflicht**, mech un d'Regele vum Schoulhaff ze halen.

*Konsequenzen, wann ech meng Pflichte vernoléissegen:*

1. De Surveillant schéckt mech an den Time-out.
2. Meng Eltere ginn informéiert.


Maison Repais

# Rechter, Pflichten a Konsequenze fir déi Erwuessen

Zousätzlech fir d'Elteren, Enseignanten, Personal vun der Maison Relais, Concierge an extern Mataarbechter:

Ech hunn d'**Recht** op **Informatiounen**, déi ech schrëftlech oder a Reunioune kréien.

Ech hunn d'**Pflicht**, mäi Courrier ze liesen an ze beäntweren, a pénktlech an opmierksam un de Reuniounen deelzehuelen.

*Generell Konsequenzen, wann Erwuessener hir Pflichte vernoléissegen:*

1. Ech ginn op meng Pflicht opmierksam gemaach.
2. Ech setze mech gewëssenhaft mat der kritescher Réckmeldung auserneen.
3. Ech entschëllege mech.
4. Eng héijer Instanz gëtt informéiert.



# 6. Regelen

## *A) Allgemeng Regele fir d'ganz Schoul an d'Maison Relais*

D'Schoulregele sinn am Règlement d'ordre intérieur an am Schüler sengem Guide festgehalen, och d'Regele vun der Maison Relais sinn am Règlement d'ordre interne festgehalen.

Meng Elteren an ech hunn d'**Recht**, am Ufank vun all Schouljoer, all dës **Dokumenter** ausgedeelt an erkläert ze kréien.
Ech hunn d'**Pflicht**, dës Regelen anzehalen.

*Konsequenzen, wann ech meng Pflichte vernoléissegen:*

Déi entspriechend Konsequenzen aus dësen Dokumenter ginn ugewannt.

## *B) Klasseregelen an der Schoul a Grupperegelen an der Maison Relais*

Ech hunn d'**Recht** op **Klassen- oder Grupperegelen**, an datt ech mech un hirer Opstellung bedeelegen.
Ech hunn d'**Pflicht**, mech un dës Regelen ze halen.

*Konsequenzen, wann ech meng Pflichte vernoléissegen:*

D'Konsequenzen aus deenen entspriechende Regele ginn ugewannt.

## *C) Spezifesch Regelen*

| |
|---|
| Ech hunn d'**Recht**, un der **Hausaufgabenhëllef deelzehuelen a vum Pedibus ze profitéieren, wann ech ageschriwwe sinn.**<br>Ech hunn d'**Pflicht**, mech un déi entspriechend Regelen ze halen. |

*Konsequenzen, wann ech meng Pflichte vernoléissegen:*

D'Konsequenzen aus deenen entspriechende Regele ginn ugewannt.



ONS CHARTA

Um Weier Jeeschtsstécker Maison Relais

Sandweiler Schoulen

# 7.Schlusswuert

Merci all deenen, déi un der Erstellung vun onser Charta matgeschafft hunn!

Loosst eis zesumme staark a frou mat Kapp, Häerz an Hand sinn!

Mat eiser Ënnerschrëft erkläre mir eis bereet, eist Bescht ze maachen, fir " ONS CHARTA " ze respektéieren.

Datum & Ënnerschrëften: ........................................................................










Kinder








Foyer Scolair

